**Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRESENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DEPORTES MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS - L'AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENROLES DE FORCE VICTIMES DU NAZISME L'ASSOCIATION DES SURVIVANTS DES ENROLES DE FORCE

Organe officiel:
**«Les Sacrifiés»**
Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
**1024 LUXEMBOURG-GARE**
Compte chèque postal No 31329

**Luxembourg, le** 05 oct.1992
9, rue du Fort Elisabeth

# Z I R K E L Ä R

un all Associatiouns- a Sectiounscomité
vun den Enrôlés de Force.

Léif Comitésmêmberen!

Fir all Iwerliewend vun där grujhlecher Zwangsrekrutéirung sti masseweis där 50. Anniversären an d'Haus. Ee vun deene markantesten as eriwer. Et war dat den 30. August 1942, dee Sonndeg, wéi de Gustav Simon d'Zangsrekrutéirung agefouert hat a wourop den Dag duerno d'Land mat engem gewaltege Protestkreesch geäntwert hat. De Preisen hir Repressalie ware schauderhaft: Erschéissung, Prisong, Konzentrationslager, Déportatioun an Zwangsrekrutéirung.

Een aneren trageschen 50. Anniversär war de 17. Sept. 1992, wéi un d'Déportatioun vun den éischte Lëtzebuerger Familjen erënnert gouf. An dann hu mer nach ee vu méi grousser Bedeitung. Dat as den 18. Oktober. Et war dat den Départ vum éischten Eisenbunnstransport, mat deem d'Preisen déi éischt 2.000 Lëtzebuerger Jongen aus de Joërgäng 1920 - 1924 an hir Kasäre an uschléissend un hir onendlech Fronten am Oste vun Europa verschleeft haten. Dat war den Ufank vun deem gewaltege Leidenswee, deem séng Auswierkunge mir, déi Iwerliewend, haut nach spieren.

Fir dëse 50. Anniversär de 18. Oktober 1992 wierdeg ze begoën, mä am Besonnesche fir datt d'Leit vun haut sech eng Viirstellung maache kënnen, wéi vrun elo 50 Joër de grousse Misär vun den Enrôlés de Force an deenen hire Familjen ugefaangen huet,huet eis Fédératioun a sympathescher Zesummenarbecht mat de Beamte vun der C.F.L. an de Mêmbere vun der A.s.b.l. 5519 en **Train du Souvenir** organiséiert, verbonne mat ver-schiddene Gedenkzeremonien. Den **Train du Souvenir** besteet aus 4 ale Voitüren, wéi se deemols ausgesin hun, gezu vun enger Damplokomotiv. Den Zuch geet zu Hollerech op der Gare fort, an e fiert bis op Waaserbëlleg an nees z'réck. Et besteet och d'Méiglegkeet op der Gare zu Lëtzebuerg an den Zuch ze klammen.

A Wierklechkeet soll dat eng Manifestatioun mat ganz besonneschem Eklat gin.

Mir riichten heimat en Appell un all Assoziatiounen vun der Fédératioun an un all Comitéë vun de Sectiounen, defir ze suergen, datt op d'mannst 10 Leit aus hirer Sectioun oder Associatioun mat dësem ongewéinlechen Zuch matfueren. Em esou besser, wann dir eng méi héich Zuel vu Leit umellt. De Persounekrees as nët op déi allénge Enrôlés de Force limitiéert. Selbstverständlech därfen och d'Fraën, d'Kanner a Kannskanner mat fueren, **an d'Rees as gratis.**

Bis dënschtes, de **14. Oktober 1992 mussen** dem Fédérationscomité (Adress wéi hei uewen ugin) all Umeldunge viirleien . Am Beschte wir ët, wann all Associatioun a Sectiounscomité hir Leit en bloc umellen. Matbruecht gi sollen och all Fändelen.

Mat engem schéine Bonjour,

de Fédératiounscomité.

JPG to PDF Lite

T r a i n   d u   S o u v e n i r

vum 18. Oktober 1992

**P r o g r a m m**

**13.30** Auer: Rassemblement op der Gare zu Hollerech. Zousätzlech Parkplaze stin um Parking vum Office des Assurances Sociales, 15, rte d'Esch zur Verfügung.

**13.45** Auer: Gedenkzeremonie mat dépôt de fleurs beim Monument de la Déportation civile et militaire. Gläich uschléissend klammen all Leit an den Zuch.

**14.15 Auer:** Départ vum Zuch an der Gare Hollerech.

**14.20** Auer: Arrivée an der Gare Lëtzebuerg. Délégatioune lée Blumme néier virum Monument du Cheminot an der Haal vun der Gare. Iwwerdeem bleiwen d'Leit am Zuch sëtzen, an anerer, deenen dat méi bequem as, klammen an den Zuch.

**14.50** Auer: Départ vum Zuch.

**15.34 Auer:** Arrivée zu Waasserbëlleg. Gläich nom Erausklammen aus dem Zuch, forméiert sech de Cortège, mat deem et dann bei de Centre Culturel vun der Geméng Mertert, zu Wasserbëlleg geet. Do as eng Gedenkzeremonie virum Monument aux Morts. . Duerno Réceptioun offeréiert vun der Geméng Mertert.

**16.30** Auer: Départ vum Zuch op der Gare zu Waasserbëlleg.

**17.10** Auer: Arrivée zu Sandweiler. (Den Zuch bleiwt op der Sandweiler Gare stoën. Transfert vun de Leit mat Autobussen op den Hämmer Militärkiirfecht.

**17.45** Auer: Zeremonie als éierendUndenken an als grousse Merci fir d'amerikanesch Zaldoten, déi hiert jonkt Liewe hiergin hun, fir datt mir Lëtzebuerger vun der Naziokkupatioun konnte libéréiert gin.

JPG to PDF Lite

**18.20** Auer: Départ vun den Autobusse fir op d'Gare vu Sandweiler.

**18.58** Auer: Départ vum Zuch op der Gare vu Sandweiler.

**19.07** Auer: Arrivée op der Gare zu Lëtzebuerg. Hei klammen all déi aus dem Zuch, déi viirdrun do drageklomme waren.

**19.15** Auer: Arrivée vum train du souvenir op der Gare zu Hollerech.

Schluss.